PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/09/2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
10 SEP. 2019
1183

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

D'EU-Kommissioun huet den 23. Juli 2019 op hirer Website informéiert, dass tëscht 1990 an 2016 1,3 Milliioune Quadratkilometer Bëscher an Europa verluere gaange sinn. Dat entsprécht engem Bëschtverloscht vu ronn 500 Mol der Gréisst vu Lëtzebuerg oder 3 an hallef mol der Gesamtfläch vun Däitschland. Wëssend, dass d'Bëscher Groussraim vu Biodiversitéit sinn an och fir d'Klima immens wichteg si well d'Planzen den CO2 aus der Loft bannen,sinn dës Zuelen alarméierend. Et ass awer net just un der Europäescher Unioun, mee un deenen eenzele Memberstaaten fir do hir Responsabilitéiten ze iwwerhuelen. D'Regierung huet de Schutz vum Bësch an hirem Koalitiounsaccord opgeschriwwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Bëscher sinn zënter 1990 zu Lëtzebuerg verluer gaangen?
2. Wéi vill Bëscher sinn zënter 2013 zu Lëtzebuerg verluer gaangen?
3. Wéi wëll d'Regierung de Bëschverloscht an deene nächste Jore bremsen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 10 OCT. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
10 OCT. 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°1183 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1183 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Ufro n°1183 vum 10. September 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen

1. ***Wéi vill Bëscher sinn zënter 1990 zu Lëtzebuerg verluer gaangen?***

Vergläichbar Zuelen fir Lëtzebuerg gëtt et nëmmen réischt zënter dem Joer 2000 op Basis vun den zwee Nationalen Bësch-Inventairen, den IFL1 am Joer 2000 an den IFL2 am Joer 2010. Des Donnéeën baséieren op engem systemateschen Stéchprouwen-Verfahren. Déi Inventaire-Methode ass statistesch ofgeséchert. All aner Donnéeën iwwert Bëschflächen zu Lëtzebuerg sinn Schätzungen.

D'Donnéeën sinn an dësem Tableau resüméiert ("La forêt luxembourgeoise en chiffres, 2014).

TABLEAU 2.1. – SURFACES PAR TYPE D'OCCUPATION DU SOL

Analyse basée sur les points de sondage installés au sein des « Terres boisées » et des « Autres terres en milieu forestier »

TYPE D'OCCUPATION DU SOL		SURFACE EN 2000 (ha)	SURFACE EN 2010 (ha)
« TERRES BOISÉES »			
« Forêt »	Peuplements	85 750	85 300
	Coupes à blanc	850	850
	Laies	450	350
	Clairières de surface comprise entre 10 et 50 ares	400	300
	Friches de surface comprise entre 10 et 50 ares	250	200
	Gagnages de surface comprise entre 10 et 50 ares	(0)	(50)
	Arbustes, broussailles entre 10 et 50 ares	450	550
	Eléments linéaires (voiries, lignes électriques)	500	800
	Elements hydrologiques	250	300
	Sous-total « Forêt »	***88 500***	***88 700***
« Autres terres boisées »		1 800	1 700
« Bosquets »		1 150	1 000
	TOTAL DES TERRES BOISÉES	***91 450***	***91 400***
« AUTRES TERRES EN MILIEU FORESTIER »			
	Clairières de surface supérieure à 50 ares	(100)	(50)
	Friches de surface supérieure à 50 ares	600	400
	Gagnages de surface supérieure à 50 ares	(0)	(50)
	Etangs, marais, mares de plus de 50 ares	150	150
	Pépinières forestières et superficies bâties de plus de 50 ares	(50)	(100)
	TOTAL DES « AUTRES TERRES EN MILIEU FORESTIER »	***900***	***750***
	TOTAL DES SURFACES FORESTIÈRES	**92 350**	**92 150**

Zu Lëtzebuerg gëtt et keng legal Definitioun vum Bësch. Eng Definitioun ass am neien Bëschgesetz Projet PL7255 virgesinn. Bëschfläch laut Definitioun vum PL7255 wier am Tableau 2.1. vum IFL2 den "Total des terres boisées", also 91.450 ha am Joer 2000 an 91.400 ha am Joer 2010.

D' Bëschfläch zu Lëtzebuerg ass also stabel bliwwen tëschent de Joren 2000 an 2010.

2. Wéi vill Bëscher sinn zënter 2013 zu Lëtzebuerg verluer gaangen?

Dozou gëtt et nach keng Donnéeën. Den IFL3 ass fir 2025 geplangt.

3. Wéi wëll d'Regierung de Bëschverloscht an deene nächste Jore bremsen?

D' Ëmwandele vu Bësch an eng aner Buedemnotzung ass gereegelt iwwert den Artikel 13 vum Naturschutzgesetz:

« Art. 13. Fonds forestiers

(1) Tout changement d'affectation de fonds forestiers est interdit, à moins que le ministre ne l'autorise dans un but d'utilité publique ou en vue de la restructuration du parcellaire agricole permettant une amélioration de l'exploitation concernée.

(2) Le ministre impose, dans les conditions de la section 2 du chapitre 12, des boisements compensatoires quantitativement et qualitativement au moins égaux aux forêts supprimées et cela dans le même secteur écologique. Il peut substituer la création d'un biotope protégé ou habitat approprié au sens de l'article 17 au boisement compensatoire dans l'intérêt de la conservation des habitats d'intérêt communautaire. »

Weider sinn déi grouss Majoritéit vun eise Lafholzbëscher streng geschützt als Biotop ënnert dem Artikel 17. Och bei de Kompenséierungen iwwert den staatleche Flächepool sinn Néiuplanzungen vu Lafbeem virgesinn.

D'Zil vun der Regierung ass dann och an deene nächste Joren d'Gesamtbeschfläch opmannst ze stabiliséieren a wa méiglech cibléiert erop ze setzen am Sënn vun der Biodiversitéit an dem Klimaschutz.